

Lëtzebuerg, 01 Abrëll 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der öffentlecher Funktioun an un den Här Minister vun der Landesplanung weiderzeleeden:

*« De 27. Februar 2021 huet den Här Minister vun der Landesplanung an engem Interview gewënscht, datt sech nach eng Rei Verwaltungen an der Nordstad sollen néierloossen. D'Regierung géif doriwwer nodenken. D'Nordstad hätt als Stad um Floss a Stad an der Natur en immensen Atout, an d'Regierung géing elo am Dialog mat de Gemengen dru schaffen dësen Atout auszubauen. Datt méi Verwaltungen an den Norde solle kommen ass sécherlech e wichtege Schratt a Richtung administrativ Dezentraliséierung. An dofir däerf et net beim fromme Wonsch bleiwen.*

*An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Landesplanung stellen:*

- U wat fir Verwaltungen huet den Här Minister geduecht, wéi hie gemengt huet, där missten nach an d'Nordstad an aner regional Zentre vum Norde kommen? Wéi gesäit hien déi administrativ Entwécklung am Nordbezierk iwwer déi nächst fënnef Joer?*
- Ass d'Ausso vum Här Minister am Interview vum 27. Februar just eng Iwwerleeung oder gëtt et méttlerweil en interministerielle Grupp, deen sech konkret mat dëser Thematik befaasse soll?*
- Wat fir Conclusiounen huet den Här Minister zesumme mam Comité politique Nordstad an dësem präzise Kontext*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

gezunn? Gëtt et do méttlerweil méi grëffeg Schlussfolgerungen, och am Zesammenhang mat der geplangter Fusioun?

- Gëtt dru geduecht fir Co-Working Spaces an der Nordstad an op anere Plazen am Nordbezirk, besonnesch an de Kantone Réiden, Woltz a Clierf, anzeriichten, dëst fir den Teletravail ze fërderen a gläichzäiteg déi sozial Kontakter tëscht de Beamten ze ënnerstëtzen? Gouf et do schonn en Austausch mam Ministère vun der ëffentlecher Funktioun?
- Wéi kann een d'Diskussioun ronderëm déi administrativ Dezentraliséierung nei beliewen fir datt se méi nohalteg gëtt an net all Kéier riskéiert bei Ukënnegungen ze bliwen?
- Sinn dem Här Minister Sitte bekannt, op deenen een am Norden Infrastrukture kéint schafe fir nei Verwaltungen oder staatlech Zerwisser unzezéien? Féiert hien an deem Sënn Gespréicher mat de Gemengen?»

Mat déiwem Respekt.



André Bauler

Députéiert